N°2401
Entrée le 03.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

D'Regierung schafft aktuell un enger Reform vun der Akommessteier, woubäi et zu enger Individualiséierung soll kommen, bei där d'Steierklassen ofgeschaaft ginn. An der leschter Legislaturperiod goufen et vill Informatiounen doriwwer, wéi deen aktuelle System opgebaut ass a wéi vill déi eenzel Steierklassen abezuelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen an deenen eenzelne Steierklassen bezuelen aktuell méi Steieren, ewéi se un Allocatiounen a Servicer erëmkréien? Aneschters gefrot, wéi vill Stéit sinn Nettosteierzueler?
2. Wéi vill Steierzueler sinn (de leschte verfügbaren Zuelen no) an der Steierklass 1a a wéi verdeelen dës Stéit sech op déi eenzel Ënnerkategorien
   1. les personnes veuves,
   2. les personnes qui bénéficient d'une modération d'impôt pour enfants,
   3. les personnes ayant terminé leur 64e année au début de l'année d'imposition.
3. Wéi vill Steieren bezuelen déi eenzel Ënnerkategorien vun der Steierklass 1a (Total, Duerchschnëtt a Median fir dat lescht Joer, wou Donnéeen verfügbar sinn)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten